



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°4391 du 2 juin 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la qualité du vaccin Vaxzevira

Ass d'Regierung a Kenntnes vun dëse Fuerschungseresultater an den domat verbonnene kontroversen Diskussiounen?

D' Regierung huet Kenntnis vun dësen Fuerschungseresultater, déi den Ament an engem Pré-Print op der Internetsäit vun "Research Square" beschriwwen sinn. D' Regierung huet *keng* Kenntnis vun Kontroversen Diskussiounen am Zesammenhang mat dësen Resultater.

Wéi steet d'Regierung zu dëse Fuerschungseresultater?

Pré-Print Versionen vun engem Artikel sinn preliminär Fuerschungsberichte, déi nach net vun aneren, renomméierten an erfahrenen Fuerscheren kontrolléiert goufen. Donnéeën, déi an esou provisoreschen Versionen beschriwwen ginn, dierften net als Fakt oder konklusiv Informatioun interpretéiert ginn. "Research Square" mëscht op dës Situatioun selwer opmierksam:

"Preprints are preliminary reports that have not undergone peer Review. They should not be considered conclusive, used to inform clinical practice, or referenced by the media as validated information."

D' Regierung weist doropshin, dass déi europäesch Medikamengengence all disponibel Informatiounen zu den Vaccins kontinuëierlech analyséiert an een dofir kann dovunner ausgoen, dass hier Experten iwwert des Fuerschungseresultater Kenntnis hunn. Soubal duerch en Medikament eng Gefor fir d' Gesondheet besteet, zitt d'EMA direkt déi néideg Konsequenzen. Et kann een sech also sécher sinn, dass den Ament keng Evidenz virläit, déi géing beleeeën, dass déi beschriwwen potentiell Veronrengungen an engem Zesammenhang mat den Fäll vun Thrombosen an Kombinatioun mat Thrombozytopenie stinn.

Et ass och wichteg ze wëssen, dass Vaxzevria en biologeschen Produit ass. Bei biologeschen Produiten ass prozessbedengt ëmmer mat Veronrengungen ze rechnen. Fir d'Patientensécherheet ass et kruzial, dës an engem Rahmen ze behalen, deem fir déi mënschlech Gesondheet onbedenklech ass. Aus dësem Grond leeën Experten aus den Beräicher Qualitéit, Chimie an Pharmacie dësen Rahmen nach virun der Zouloossung vun all Medikament fest. Heifir gëtt och den Rot vun Klinike erbäi gezunn. D' Anhalen vun dësen Wäerter gëtt no der Zouloossung bei all Charge, nach éier dës fir den Patient um Marché dierf verfügbar sinn, kontrolléiert. Den Ament gëtt et keen Hiweis dorop, dass Chargen vun Vaxzevria eng mannerwäerteg Qualitéit opweisen.

Wat heescht dat fir Lëtzebuerg? Ass d'Madamm Gesondheitsminister der Meenung, datt een d'Impfe mam AstraZeneca respektiv „Vaxzevira“ aus Sécherheetsgrënn stoppe sollt, bis dës wichteg Froen, déi d'Fuerschungseresultater vun der Universitéit Ulm opgeworf hunn, gekläert gi sinn? Wann nee, firwat net?

Vu datt des Fuerschungseresultater nach alleguerten zur Zäit réischt preliminär sinn an nach net validéiert goufen, besteet keng Evidenz déi en Réckzuch vum Vaccin Vaxzevria justifiéieren géif. Am Fall wou en Risiko duerch en Medikament oder Vaccin beluecht ass zitt d'EMA direkt déi néideg Konsequenzen. Datt ass den Moment net den Fall fir den Vaccin Vaxzevria sou datt den Moment keen Grond virläit fir d' Impfen mat Vaxzevria ze stoppen.